# Invitatioun

## Foire Agricole

D`Foire ass dëst Joer vum **5. - 7. Juli** zu Ettelbréck. Den Zenter ass dëst Joer **Sondes den 7. Juli** un der Rei fir ze hëllefen. **Rdv ass um 9.30 Auer** bei der Däichhal. Ween och nëmme puer Stonnen am Laaf vum Dag Zäit huet, ka roueg komme well et gi Leit bis owes gebraucht. Soot w.e.g. dem Jeff Bescheed (Tel. 691785621) wéini dir do sidd. Et gin och nach Leit gesicht fir d'Schoulklassen Freides iwert d'Foire ze guidéieren. Wann dir interesséiert sid, dann kënnt dir iech beim Jeff mellen. Opgeriicht gët Donneschdes den 4. Juli um 20.00 Auer, an afgeriicht gët Sondes den 7. Juli um 20h.

## Homepage

Den Zenter ass lo och online.
Net nëmmen op Facebook si mer vertrued mat der Gruppe „**Landjugend Zenter**" mee mir hunn och lo eng Homepage.
**www.ljzenter.lu**
**www.mdcross.lu**
Dier kennt bei Geleeënheet jo mol bis laascht surfen.

## Studierees 2013

Den Marc Elsen, eisen laangjahrigen Präsident huet eng Studienrees an Bayern (Richtung München) organiséiert. D'Landjugend Zenter hëllt un dëser flotter Rees deel, an leet och fir d'Memberen eppes béi. D'Memberen sollen di 300 € unbezuelen, an den Solde restant (maximal 260 €) gët duerno vum Zenter iwerholl.

Hei dem Marc seng Annonce vun der Rees:

*Mir starten Sonndes **den 27. Oktober 2013** géint 9 Auer an kommen den **31. Oktober 2013** Owes nees zréck.*

***Um Programm** steet:*
*- Op der Hirees gi mer **den Mercedes Musée op Stuttgart** kucken souwéi de **landwirtschaftleche Musée ob Hohenheim** ier mer dann am Owend zu **München** an den **4-Stären-Hotel Maritim** anchecken. Den Hotel leit nit weit vum Zentrum wech. Am Hotel gëtt et eng Schwämm an eng Sauna. De Kaffi Moies am Hotel ass am Preis mat dran.*
*- Den 2. Dag fueren mer **bei Siloking a Kraiburg** wou mer d' Hirstellung vun de Fuddermeschween wei och vun de Gummismatten fir an d'Ställ eis ukucken ginn. Ob der*

*Rees nees zréck op München gi mer dann nach e **Roboterbetrib** kucken wou mer och zu Nuecht iessen. (Dësen Dag ass d'Mëtteg- souwéi d'Owesiessen am Präis mat dran.)*
*- Den 3. Dag fueren mer ob **Marktoberdorf bei Fendt**. Hei hun mer dei grouss Chance fir daat **neit Wierk kuken** ze gouen. Souwei och eng Testfahrt mat den neien Modeller fun Fendt ze man. Souwei ech matkrut hun sin mer die eenzig Grupp aus Letzebuerg die dest Joer bei Fendt rann keint also as des Rees eng emolig Gelegenheet. Am Metteg fueren mer dan ob en **Mellechbetrieb** wou mer nierwt dem landwirtschaftlichen Betrieb, eng **Brauerei an eng Keiserei** kuken gin mat uschleissender Degusatioun fun Keis an Beier. Dono iessen mer sur Pace zu Nuecht. (Mëtteg- an Owesiessen sinn am Präis mat dran)*
*- De 4. Dag krute mer en Programm vun Semex zesumme gestallt. Um Programm steet e **Braunviehzuchtbetrib** mat 70 Kéi, ee **Fleckviehbetrieb** mat **Melkkarusell**, **Besamungstatioun Greifenberg** di mat Braun- Fleckvieh an Holstein schaffen, an zum Schluss gi mer eis nach een **Produktiounsbetrib mat ca 600 Holsteinkéi** ukucken. Hei gi mer och Mëttes iessen wat am Präis mat dran ass.*
*- De 5. Dag ass den Dag vun der Heemrees. Hei gi mer nach, ier mer eis op d'Rees man, eng grouss **Brauerei** kucken am Mëtteg wäerten mir eis nach an Baden-Württenberg en **Holsteinzuchtbetrieb** ukucken. Sou dat mir am fréien Owend rëm zu Lëtzebuerg ukommen werten.*

*__De Präis__ vun der Rees ass bei mindestens 31 Leit bei __560€__ an desem Präis si mat dran: __den Entrée an die 2 Muséeen di verschidden lessen di opgezielt sinn souwéi d'Visite vun deenen verschiddene Fabriken resp. Betriber.__*
*Ech hoffen datt dëse Programm jidderengem gefält, a bieden eech dofir, eech __bis den 1. Juli bei mir um Tel: 691 83 83 58 (Elsen Marc 9a, rte de Luxembourg L-6195 Imbringen) unzemellen.__ D'Umeldung ass nëmme gülteg mat der Iwwerweisung vun __300€__ op den Konto vun der __BCEE LU 71 0019 3155 5393 8000__ mam Vermierk Studierees 2013 an ärem Numm. Falls dir nach Kollegen hutt déi och gär géingen matfueren kennt der hinnen dësen Ziedel gären weiderginn et si genuch Plazen do.*

*Ech well profitéieren fir verschidde Firmae Merci ze soen fir hier Hëllef beim Opstelle vum Programm:*
*Agrotechnic, Agricom, Lemmer-Fullwood, Siloking, Kraiburg, Fendt, Semex*

## Mähdreschercross

Den 25. August as Mähdreschercross. Fir d'Foire agricole hun mir T-shirten, Flyeren, Plakater an och Affichen fir an d'Autoen. Dir kënnt dës Reklammen beim Franky Peller ufroen (691785699). Mir sichen och nach ëmmer Sponsoren. Wann dir Iddien hudd, dann mellt iech och beim Franky .



Bescht Gréiss
Äre Comité

Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer Zenter a.s.b.l.

Christian Origer
18 op der Temel
L-9151 Eschdoerf

Tel.: 691 858966
E-mail: origerch@yahoo.de
www.jongbaueren.lu